



**Äntwert vum Finanzminister, Gilles Roth, op d'parlamentaresch Fro n° 3148 vum 31. Oktober 2025
vu der éierbarer Deputéierten Stéphanie Weydert iwwer den "Traitement fiscal des indemnités pour
servitudes de lignes électriques"**

- **Wéi ginn Indemnitéiten, déi am Kader vu Servituden oder vertraglecher Zur-Verfügungstellung vu Privatterrain fir Pylönen a Stroumleitungen bezuelt ginn, steierlech consideréiert a wéi sinn dës ze deklaréieren?**
- **Gëtt de Fakt, datt et sech ëm en ëffentlechen Notze respektiv kritesch Infrastruktur handelt steierlech berücksichtegt ?**

Déi akommessteierlech Behandlung ass duerch déi generell Prinzipie vum ofgeännerte Gesetz vum 4. Dezember 1967 iwwert d'Akommenssteuer (L.I.R.) gereegelt an hängk jee no der Situatioun of.

D'Indemnitéit, déi fir d'Servitude fir d'Installatioun vu Pylonen op Privatterrain'en an/oder de Passage vu Stroumleitungen iwwert déi Terrain'en, am Kader vum ofgeännerte Gesetz vum 1. August 2007 iwwert d'Organisatioun vum Elektrizitéitsmaart (*loi modifiée du 1^{er} août 2007 relative à l'organisation du marché de l'électricité*) u Grondbesëtzer vun deenen Terrain'e bezuelt gëtt, gëllt prinzipiell als besteierbaart Akommes. D'Besteuerung hängk vun der Akommeskategorie of, an déi d'Indemnitéit fält.

Wann den Terrain net zu engem kommerzielle Betrib oder enger landwirtschaftlecher oder forstwirtschaftlecher Exploitatioun gehéiert, ass d'Indemnitéit als steierpflichtegt « Akommes aus verschiddene Leeschtungen, déi net an eng aner Kategorie falen » vun der Kategorie vun den « verschidde Revenuen » unzegesinn. (Artikel 99, Nummer 3 L.I.R.)

Allerdéngs gëtt d'Akommes net effektiv besteiert, wa beim concernéierte Steierzueler den Total vu sengem « Akommes aus verschiddene Leeschtungen, déi net an eng aner Kategorie falen », reduzéiert ëm eventuell ofzéibar Käschten, déi een deemno och deklaréiere sollt, manner wéi 500 Euro fir dat betreffend Joer ass.

Wann den Terrain zu engem kommerzielle Betrib oder enger landwirtschaftlecher oder forstwirtschaftlecher Exploitatioun gehéiert, dann ass d'Akommes als kommerziell respektiv landwirtschaftlech oder forstwirtschaftlech Recette unzegesinn, déi normal steierpflichtegt ass an och esou deklaréiert muss ginn.

Wann de Privatterrain vum Grondbesëtzer verlount gëtt, de Grondbesëtzer also ee Mietakommes nom Artikel 98 L.I.R. kritt, esou ass d'Indemnitéit och als Mietakommes nom Artikel 98 L.I.R. unzegesinn.

Wann et sech bei der Indemnitéit ëm eng Kompensatioun vun engem tatsächleche Schued handelt, deen an direktem a sécherem Zesammenhang mam Ausübe vun enger Servitude steet, sou gëtt déi Indemnitéit net als steierpflichtegt Akommes ugesinn.

D'Indemnitéit, déi als steierpflichtegt Akommes ugesi gëtt, muss iwwert eng Akommessteuererklärung (Formulär 100) deklaréiert ginn.



- **Falls kee spezielle Regime virgesinn ass, gesäit d'Regierung Handlungsbedarf fir eng Reegelung an dësem Sënn ?**

Nee.

Lëtzebuerg, den 1. Dezember 2025
De Finanzminister
(s.) Gilles Roth